# Den Aquarium vum Reeboufësch an sengen Frënn



**Wat brauchs du ? :**



- eng Schongkëscht
- Acryl-Faarwen (blo, schwaarz, wäiss)
- Eng Palett oder en Stéck Kartrong fir d'Faarwen drop ze maachen
- Pinsel (grouss, kleng, spatz, platt)
- En Becher mat Waasser
- En Bläistëft
- Faarweg Bläistëftsfaarwen
- Eng Schéier
- Fuedem fir ze bitzen (blo)
- faarwegen Zeechepabeier
- Scotch
- Sand an Muschelen

**Wéi bastels du en Aquarium ?**



Huel di blo Acryl-Faarf, deng Palett an en Pinsel an mol d'Schongkëscht bannendran ganz blo. Wanns du fäerdeg bass, kanns de d'Këscht op d'Säit setzen fir dass si dréschnen kann.


*En klengen Tipp vum Poldi : Wanns du <u>hellblo</u> wëlls : huel wäiss Faarf an mësch bëssen blo dobäi ; wanns du <u>donkelblo</u> wëlls : huel blo Faarf an mësch bëssen schwaarz dobäi.*





Huel däin Bläistëft an gréngen Zeechepabeier an mol Planzen drop.

Huel en hellt Blat Zeechepabeier an mol den Reeboufësch an seng Frënn drop (Séistär, Oktopus, Fësch, …)





Huel deng Schéier an schneit d’Planzen, den Reeboufësch an seng Frënn aus. Duerno kanns du alles faarweg molen.

Huel d’Planzen an diebel se ënnen en Stéck ëm, sou wéi op der Foto.





Huel den Fuedem fir ze Bitzen an schneit dir e puer Stécker of, déi ënnerschiddlech laang sinn. Duerno kanns du een En vum Fuedem mat engem Stéck Scotch op d’Récksäit vum Reeboufësch pechen. Maach dat selwecht mat sengen Frënn.

Wann d’Faarf op der Schongkëscht gedrëschent ass, kanns du d’Planzen mat engem Stéck Scotch op den Buedem vun der Këscht pechen. Duerno kanns du den Fuedem mam Reeboufësch an seng Frënn uewen an d’Këscht pechen.





Zum Schluss kanns du nach Sand an Muschelen op den Buedem maachen an dann ass deng Ënnerwaasserwelt fäerdeg.